CSV BIISSEN

Den 19. Mee 2022 war ëm 17:00 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung.

**1) Exercice du droit de préemption**

D'Gemeng verzicht op hiert Virkafsrecht bei zwee Bauterrainen an der Rue des Champs.

**2) Adhésion de deux communes à un syndicat intercommunal**

D'Gemenge Luerenzweiler a Steesel trieden dem Naturschutzsyndicat SICONA-Centre (Syndicat intercommunal du Centre pour la conservation de la nature) bäi.

**3) Approbation de plusieurs décomptes**

*Ariichte vun engem Fitnesssall an der Sportshal am Joer 2018:*
- Total des devis approuvés: 110.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 104.670,83 EUR
- Moins-dépense: - 5.329,17 EUR

*Ariichte vun enger Kloterwand an der Sportshal am Joer 2018:*
- Total des devis approuvés: 150.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 149.919,06 EUR
- Moins-dépense: - 80,94 EUR

*Erneiere vun der Impasse Merelbaach am Joer 2011:*
- Total des devis approuvés: 225.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 216.994,13 EUR
- Moins-dépense: - 8.005,87 EUR

*Reamenagement vun der Plaz virun der Morgue am Joer 2017:*
- Total des devis approuvés: 140.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 139.607,66 EUR
- Moins-dépense: - 392,34 EUR

*Reamenagement vum Parking beim Kierfecht am Joer 2017*

- Total des devis approuvés: 130.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 129.165,04 EUR
- Moins-dépense: - 834,96 EUR

**4) Approbation d'un compromis de vente**

Bis elo huet d'Firma Kiowatt SA hiren 152,88 Ar groussen Terrain am ZAC Klengbuusbierg an der Form vun engem Droit de superficie vun der Gemeng gepacht. Elo keeft d'Firma fir en Ar-Präis vun 30.000 Euro dësen Terrain der Gemeng of. Doduerch datt nach eng Indemnité unique proportionnelle an Héicht vu 509.567 Euro vum Verkafspräis ofgerechent gëtt, däerf d'Gemeng mat enger eemoleger Recette vu 4.076.833 Euro rechnen.

**5) Approbation de plusieurs contrats de bail**

a) De landwirtschaftleche Betrib Schmitgen pacht vun der Gemeng 560 Ar Akerland geleeën A Woment, an dat fir e Pachtpräis vun 3 Euro den Ar. Op Nofro vun der CSV-Fraktioun sollen déi nächst Pachtverträg eng speziell Klausel kréien, datt keng genetesch verännert Organismen op landwirtschaftlechen Terraine genotzt ginn, déi bei der Gemeng gepacht ginn.

b) D'Gesellschaft Waasserstrooss s.à r.l. lount fir 2 Joer vun der Gemeng d'Haus op Nummer 12 Grand-Rue. Si bezillt dofir pro Mount 1.200 Euro.

c) Nodeems de Conseiller Loïc Brune de Sall verlooss hat, gouf eng Strëpp vun 11 Zentiar an der Bléi fir 5 Euro d'Joer un d'Famill Brune-Wies verlount. Dës Strëpp läit nieft hirem künftegen Haus a wäert vun der Famill ënnerhale ginn.

**6) Approbation de plusieurs devis**

a) D'Gemeng keeft fir 50.000 Euro e Gator vun der Mark John Deere. Dëse Gator ass fir de Service Conciergerie vum Service technique geduecht.

b) Fir 73.157,75 Euro (dës Kéier ouni TVA) gi bei enger Schwäizer Firma fir d'Busarrêten « Campus », « ZAC Klengbuusbierg », « An der Bléi », « Steekräiz », « An Henkels », « Kräizung » a « Kierch » elektronesch Echtzäit-Informatiounstafelen kaaft. Heiduerch gëtt de Busnotzer informéiert, a wéivill Minutte säi Bus kënnt.

c) Am Ganze 87.215,18 Euro ginn an d'Informatik vun der Biisser Schoul investéiert. Dozou zielen ë.a. 60 iPads an 18 Microsoft Surface.

d) D'Schafe vun enger Verkéiersinsel virun der Entrée vu Biissen an der Mierscherstrooss ewéi och de Reamenagement vun der Kräizung vun der Mierscherstrooss mat der Rue de Reckange soll d'Gemeng 758.181 Euro kaschten. Fir d'Verkéiersinsel muss d'Gemeng awer nach e puer Emprisen un Terrainsstrëppe kafen.
D'Detailer vum Projet goufe ganz intensiv diskutéiert, notamment gouf d'Fro opgeworf, ob et wierklech zu enger Verbesserung vun der Situatioun fir d'Foussgänger féiert. Fir d'Cité Souvignier kënnt et zu kenger Verbesserung. Am Devis feelen d'Honoraire fir d'Ingenieuren. Schlussendlech huet d'CSV-Fraktioun sech bäi dësem Punkt enthalen.

e) Am ZAC Am Seif huet d'Gemeng an de leschte Sitzungen Terrainen un d'Betriber Rotarex a RollingerTec verkaaft. Elo muss awer nach eng Zougangsstrooss (op der Héicht vun der Luxlait-Kläranlag) zu dësen Terrains gebaut ginn. Dës Strooss wäert d'Gemengekeess viraussiichtlech mat 1.012.313,11 Euro belaaschten.

f) De Schäfferot huet e Projet fir den Neibau vum Gemengenatelier am ZAC Klengbuusbierg (nieft der Firma Securitec) presentéiert. Am Keller ass eng grouss Garage virgesinn, um Rez-de-chaussée kréien déi verschidden Equippen aus dem Service technique hiren Atelier an um 1. Stack sinn Openthaltsraim a Bureaux. D'Gebai ass esou konzipéiert, datt gréisstendeels op kënschtlech Liicht verzicht ka ginn. Den Devis fir den Neibau beleeft sech op 10.003.902,32 Euro. D'Pläng goufe mat de Gemengenaarbechter zesummen ausgeschafft.
Aus der Siicht vum Schäfferot sollen déi schwéier Gefierer vum Service technique aus dem Duerfzentrum eraus. Och kéinte verschidden Dépôts (ewéi z.B. a Pafent, op der Millen an am Haus Feith) opgeléist ginn, well am neien Atelier méi Plaz ass.
Nom Schäfferot géif de Reamenagement vun der Place d'immigration och e Plënnere vum Gemengenatelier bedéngen. Dat huet eis als CSV-Fraktioun erstaunt, well de Gewënnerprojet aus dem Architektenconcours fir d'Place de l'Immigration kee Plënnere vum Gemengenatelier néideg mécht.
Et ass sécher e flotte Projet, allerdéngs kann den Neibau net zu engem spéideren Zäitpunkt méi ausgebaut ginn, well d'Bauplaz mam Neibau schonns ausgereizt ass. Och stellt sech d'Fro, wéi d'Biisser Gemeng an den nächste Joren hir Projete wëll finanzéieren, ë.a. de Reamenagement vun der Rouschter Strooss, den Ausbau vun der Schoul, den Ausbau vun der Crèche, den Neibau vum Gemengenhaus, de Bau vun engem Waasserbasséng um Jicksenhaff an de Bau vun engem Kulturzentrum. Schlussendlech huet d'CSV-Fraktioun géint den Neibau gestëmmt.

**7) Approbation de plusieurs devis supplémentaires**

a) Endlech gouf en Exploitant fir de Café « Gréngen Eck » fonnt. Allerdéngs mussen nach eng Kéier 40.000 Euro an d'Gebai investéiert ginn, haaptsächlech fir d'Kichen.

b) Den Iwwerflächewaasserschutz an der Rue des Forges gëtt méi deier wéi ursprénglech geduecht. Zu den initial geplangten 205.560 Euro kommen nach eng Kéier 65.000 Euro derbäi, z.B. fir e Gitter um Alafbauwierk oder fir verschidden Amenagementer um Terrain Ledesch.

c) Och de Bau vum Musekshaus op der Gare gëtt méi deier wéi geplangt. Esou waren d'Ausschreiwunge méi héich ausgefall, de Covid huet munches verdeiert, awer och d'Schrëften op der aler Toilette ewéi d'Schëld vun der Gare goufen erneiert. Déi zousätzlech Käschte belafe sech op 970.119,82 Euro (ouni TVA).

**8) Approbation de plusieurs crédits supplémentaires**

Am Budget 2022 hu missen elo schonns am Mee 2022 e puer Upassunge fir en Total vun 1.155.000 Euro gemaacht ginn (dës Ausgabe waren net virgesinn), fir datt de Schäfferot d'Rechnunge bezuele kann. Wat kascht elo méi?

- Architektenconcours fir d'Place de l'Immigration : + 340.000 Euro ;
- Ëmbau vum Café um Gréngen Eck : + 40.000 Euro ;
- Iwwerflächewaasserschutz an der Rue des Forges : + 65.000 Euro ;
- Verleeë vum Iwwerflächekollekter a Pafent : + 100.000 Euro;

- Reamenagement vum Gebai op 9a rue du Fossé: + 50.000 Euro ;
- Kaf vun engem Gator : + 70.000 Euro;
- Bau vum Musekshaus op der Gare: + 400.000 Euro;
- Informatiksmaterial fir d'Schoul: + 90.000 Euro.

**9) Approbation de plusieurs règlements communaux**

a) Um Europadag huet den Entrée op den TerraBis 10 Euro fir déi Erwuessen a 5 Euro fir d'Jugendlech kascht. Fir dësen Entréespräis konnt jiddfereen esou vill iessen, ewéi e wollt. Dës Recette ass integral fir e gudden Zweck, dëst Joer fir d'Affer vum Krich an der Ukrain. De Stänn, déi matgemaacht hunn, gi Fraise bis zu enger Héicht vu 400 Euro rembourséiert.

b) Et gouf en neit Reglement fir de « mérite culturel » gestëmmt. Heimatter gi gutt Leeschtungen am Kulturberäich finanziell ënnerstëtzt, ewéi zum Beispill bestëmmten Zertifikaten am Conservatoire.

c) Vum 23. Mee 2022 bis den 28. Juli 2022 soll theoretesch déi iewescht Sortie vun der Rue Charles-Frédéric Mersch an d'Rouschterstrooss komplett gespäert ginn.

**10) Introduction d'une Prime**

D'CSV-Fraktioun huet d'Aféiere vun enger Energie Prime proposéiert. Dës Prime soll de Stéit mat nidderegem Akommes ze Gutt kommen, Si déi besonnesch ënnert der aktueller Präisdeierecht am Energieberäich leiden. D'Iddi vun enger Energie Prime ass allgemeng begréisst ginn, an de Schäfferot wäert an noer Zukunft dem Gemengerot eng "proposition de règlement" op den Dësch leen.

**11) Affaires du personnel**

Am Huis clos gouf den Här Marc Mensen vu Kruuchten op déi vakant A2-Plaz am Service technique gewielt.
Zënter dem 1. Abrëll 2022 ass den Här Patrick Bordez a Pensioun.